N° 7790
Entrée le 17.03.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 17.03.2023

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 17/03/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.**

An der parlamentaresche Fro n° 7494 hat ech mech iwwert psychiatresch Rapporte fir e Führerschäin ze kréie renseignéiert. An der Äntwert op meng Froen erkläert de Minister, dass een "Dokter aus der Commission médicale, am Kader vun engem Führerschäinsdossier, e rezente psychiatresche Rapport freet, deen am Detail attestéiert, dass et bei der betraffener Persoun keng medezinesch Conter-Indikatioune gëtt, fir mat engem motoriséierte Gefier op der Strooss kënnen ze fueren".

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wat sinn dem Mobilitéitsministère hir Sourcen, fir esou Rapporte bei verschiddene Persounen ze froen?
2. Op wat fir enger legaler Basis baséiert d'Virgoe vum Mobilitéitsministère?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten